



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de l'Agriculture,  
de l'Alimentation et de la Viticulture

**Äntwert vun der Ministesch fir Landwirtschaft, Ernährung a Wäibau op d'parlamentaresch Fro n° 338  
vun dem éierbaren Deputéierten Marc Goergen**

**1. Ass d'Ministesche der Meenung, dass d'Gesetz misst geännert ginn, sou dass Homarden, Austeren a Muschelen ënnert d'Déiereschutzgesetz falen an domat net méi lieweg dierfe verkaaft ginn?**

**- Wa jo, sinn hei schonn Aarbechten envisagéiert, fir d'Gesetz entspriechend unzepassen?**

**- Wa nee, firwat soll et hei net zu enger Gesetzesännerung kommen?**

Den Art.2 vum Déiereschutzgesetz präziséiert wat fir eng Déieren ënnert d'Déiereschutzgesetz falen. Homarden, Austeren a Muschelen falen net ënnert d'Déiereschutzgesetz.

Et ass de Moment net virgesinn, eist nationaalt Déiereschutzgesetz op deem Punkt unzepassen.

Vu dass op europäeschen Niveau virgesinn ass, d'Reglementatioun un déi nei Gegebenheeten unzepassen, waarde mir of wat op deem Niveau geschitt a wäerte gegebenfalls nei Reegelen op nationalem Niveau ëmsetzen.

Lëtzebuerg, den 11. Mäerz 2024

D'Ministesche fir Landwirtschaft, Ernährung a Wäibau

(s.) Martine HANSEN